ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/03/2023

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

02/2023 – date: 21/02/2023

Presenzen

Present	Net present
CINCIS Patrick	KIEFER Raoul (excusé)
EICHER-KARIER Christiane	KOEPP Carlo (absent)
GRAFF Yolande	MICHELS Claudine (excusé)
LESCH Laure	MOREIRA CARDOSO Miguel (excusé)
LUX-PEPIN Mariette	
NOESEN Henri	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Approbatioun vum Rapport 01/2023
2. Flyer “Konscht um Bill”
3. Préparatioun Ausstellung
4. Divers
5. Nächst Versammlung

Punkt 1: Approbatioun vum Rapport 01/2023

- Kulturkommissioun **approuvéiert** de Rapport **01/2023 ->** De Rapport kann um Site vun der Gemeng veröffentlecht ginn.

Punkt 2: Flyer “Konscht um Bill”

- Christiane huet ee provisorësche Flyer virgeluecht deen approuvéiert ginn ass. **Merci Laetitia** fir déi kreativ flott Aarbecht ☺

Helperknapp, 02/03/2023

- Mir bréichten ongeféier **1850 Flyeren**, déi un d'Awunner vun der Gemeng ausgedeelt ginn -> **à toute boîte bis Ufank März** ausdeelen
    - Laure --> Téinten
    - Christiane --> Huelmes, Buer, Aansebuerg, Märjendall
    - Heng -> Openthalt, Bill, Fënsterdall, Greiwenknapp
    - Mariette -> Bëschdrëf
    - Yolande + Patrick -> Brouch
    - Diane & Heng -> Béiwen

Punkt 3: Préparatioun Ausstellung

- **D'Emailadress fir d'Umeldungen** wier -> culture@helperknapp.lu Christiane an Laetizia geréieren dann dës Emailen
- De Flyer kéint an den **Buet, Facebook, Internet** vun der Gemeng
- Wa mir bis all d'Artisten zesummen hunn, maache mir een **RdV mat den Léit vum Bill** -> wéi kann wat wou ausgestallt ginn. Et sinn iwwerall Ophänken/Schienen do. Eventuell kéinte mir nach Panneauen vun der Gemeng dohistellen am Fall wou vill Umeldungen wieren. Et si keng Sockelen do, wou d'Skulpturen ausgestallt kéinten ginn.
- Oprichten: **Donneschdes, den 15.06 tëschen 16h00 a 18h00**
- De **Vernissage** soll **Freides, den 16.06 um 19h00** ofgehaale ginn

    -> Coupe Crémant an Waasser

    -> mat klénge Bréidercher respektiv Schnittercher

    Gemeng géif dës Käschten iwwerhuelen
- **Ouverture Expo**: Samsdes, 16.06. vun 15h00 bis 18h00 an Sonndes, 18.06 vun 11h00 bis 17h00 -> Kulturkommissioun géif Samschdes Gedrénks verkaafen -> Profit géif un den MS-Center Bill goen:
    - Crémant
    - Béier
    - Waasser
    - Cola, Fanta, Sprite
    - Jus
- **Sonndes** soll direkt **no 17h00 all Artist seng Wierker erëm mathuelen**
- D'Artisten hunn och d'Méiglechkeet fir hier **Wierker** ze **verkaafen**. Si mussen hier Präisser dann och selwer affichéieren an présent fir den Verkaaf sinn.

Helperknapp, 02/03/2023

- D'Material vun der Gemeng ass och wéinst dem *"Grill um Bill"* op der Plaz a kann genotzt ginn
- Et wier och eventuell eng Iddie fir **Samschdes d'Musëk Helperknapp** ze froen, dat d'Kanner aus der Musëk een klénge Konzert géifen spillen -> Christiane freet no
- **Invitatiounslëscht** mat Gemeng an MS-Center ofklären
- Yolande ass fir deen WE ofgemeld.

Punkt 4: Divers

- **Onkloerheeten Manifestatiounskalenner**
  - Associatiounen & Veräiner schreiwen nach ëmmer d'Kulturkommissioun un fir d'Äennerungen vun den Datum vun hiren Manifestatiounen
  - Et ass deenen Betraffenen och net bewoosst, dat si fir d'Publikatioun vun hire Manifestatiounen an der Agenda vun der Gemeng (Site Gemeng) si dat extra bei der Gemeng ufroe mussen --> hunn elo ee Mail vum Tanja kritt

Propose: Kulturkommissioun proposéiert dat all Manifestatioun di offiziel am Manifestatiounskalenner agedroen ass och direkt offiziel an d'Agenda vun der Gemeng agedroen gëtt an dann um Internet steet

- **Mérite Culturel**
  - Eierenamtlecht Engagement an der Kulturscène
    - Veräiner di säit Joerzéngten kulturell engagéiert sinn a mat hirem Wierken fir eng Integratioun, Fusioun am Veräin geliewt gëtt, eeng Zesummengehéiregkeet a Gemeinsamkeet an dem Gemengeliewen zoustänneg sinn
  - Unerkennung vu besonnegen Méiten an der Kulturscène
  - Kulturel engagéiert Léit di den Diplôme /Certificat an engem Cycle an der Diszipline vun der Kultur erreecht hunn:
    - Een Instrument spillen -> Examen am Concervatoir gepackt
    - Solfège gepackt
    - Theatercouren mat erfolleg gepackt
    - Gesang -> Examen am Concervatoir gepackt
    - Danz
    - Art et lettre -> Publikatioun vun engem Wierk
    - Wierker ausgestallt hunn
    - Lëtzebuergesch Couren mat erfolleg ofgeschloss

Helperknapp, 02/03/2023

        - Photographen
        - Film
        - Historiker respektiv Lokal Historiker
    - Intégratioun an der Militärmusëk
    - Intégratioun an enger grousser Theater-, Danz- oder Gesankekipp
- Et kéint een Formulär ausgeschafft ginn mat Hëllef vun deem d'Léit sech kéinten umellen. Dëse Formulär kéint och un d'Veräiner geschéckt ginn, falls si een Member hunn deen ënnert dës Kritären kéint faalen

Propose: Kulturkommissioun proposéiert dat als **Mérite Culturel** een **gemeinsamt Iessen mat der Gemeng** oder eng **Soirée** organiséiert gëtt an net onbedingt eeng finanziell Ënnerstëtzung. Et gëtt ons éischter ëmmt den Echange ënnert de Léit aus der Kulturwelt.

- Organisatioun vun enger **Soirée du Cinéma** -> La nature et la biodiversité
    - Moies fir d'Kanner, mëttes fir den 3. Alter an owes fir all di Interessenten
    - Oder iwwert een WE organiséieren
    - Eventuell fir am November organiséieren
- Themenowend mat engem kritëschen aktuellen Sujet, animéiert vun engem Professionnelen:
    - Ukrain an Flüchtlingen?
    - Zäitzéien aus der Gemeng?

Punkt 5: nächst Versammlung

- **Ordre du jour:**
    - Approbatioun vum Rapport 02/2023
    - Ausstellung "Konscht um Bill"
    - Soirée Cinéma
    - Divers
    - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier de **Mëttwoches, den 26. Abrëll 2023 um 19h00 zu Téinten am Gemengesall**

Excusé:

Mir bieden all Member sech spéitstens eng Stonn virun der Versammlung ofzemellen w.e.g. an dëst op d'Mailadress vun der Kulturkommissioun, fir dat all Mënsch Bescheed weess. Villmools Merci.